ALTERNATIV DEMOKRATESCH REFORMPARTEI

Groupe parlementaire

Här Fernand Etgen

President vun der Deputéiertechamber

19, um Krautmaart

L-1728 Lëtzebuerg

Mamer, den 25. November 2021

Här President,

sou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës **dréngend** parlamentaresch Fro un den Här Educatiounsminister weiderzeleeden.

Wat déi esougenannt Schnéiklassen an de Lycéeën vum Land uginn, esou krut ech zougedroen datt et mëttlerweil esou ass, datt do nëmmen däerfen geimpften oder geheelte Schüler drun deelhuelen.

An deem Kontext hätt ech folgend Fro un den Här Minister:

1. Kann den Educatiounsministère dës Informatioun confirméieren?
2. Wa jo, gëtt dann den ongeimpfte Schüler, wärend d'Schnéiklass am Ausland ass, en alternative Cours ugebueden?

Mat déiwem Respekt,

Fred Keup
Deputéierten